

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5195 ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmme bei 7 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber, Marco Schank (par Mme Nancy Arendt), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Ben Fayot), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Se sont abtenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Motion 1

Mir kommen zu der Motioun, déi den Här Huss abruecht huet. Déi Motioun ass ausgedeelt an explizéiert ginn, esou dass mer direkt kennen ofstëmmen.

Ass e Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Vote

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

D'Motioun 1 ass ugeholl mat 12 Jo-, 33 Neestëmme an 13 Enthaltungen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nelly Stein), Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Mag-

gy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Jean-Pierre Klein), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi.

Da komme mer zum Projet de loi 5207 iwwer en Embau vum Lycée Vauban um Lampertsbiërg. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Här Scheuer, Bettendorf, Greisen an d'Madame Wagener. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nico Loes.

2. 5207 - Projet de loi relatif au réaménagement des bâtiments du Lycée et Collège Vauban à Luxembourg-Limpertsberg

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet, mat deem mir haut befaasst sinn, handelt iwwert de Réaménagement vum enger Partie Gebaier, déi sech an der Rue de la Faiencerie um Lampertsbiërg befannen, an dat fir de Kont vum Lycée a Kolléisch Vauban.

(Interruption)

Pardon, et ass eng Avenue de la Faiencerie um Lampertsbiërg.

De Projet ass den 8. September vum der Madame Erna Hennicot-Schoepges an der Chamber déposéiert ginn. De 6. Oktober 2003 huet d'Kommissioun an hirer Sitzung mech als Rapporteur bestëmmt. An därselwechter Sitzung huet d'Kommissioun vun den öffentlechen Aarbechten ausserdeem de positiven Avis vum Statsrot vum 23. September besprach.

Déi eenzel liicht Textännerungen, déi vum Conseil d'État abruecht goufen, sinn och vun der Kommissioun zréckbehalen ginn. De 25. November gouf dann de Projet de rapport mat grousser Majoritéit bei enger Abstentoun vun der Kommissioun ugeholl.

Erlaabt mer eng kuerz Presentatioun vum Lycée Vauban zu Lëtzebuerg ze maachen. De Lycée Vauban gouf am August 1984 op Wonsch an Initiativ vu franséischen a francophonen Eltere gegrënnt, fir dass hir Kanner och hei zu Lëtzebuerg den Enseignement secondaire français ugebuede kréischen. De Stat huet eng Hand mat ugepaakt. De Lycée Vauban erlaabt et deenen Elteren, déi weinst hirer Aarbecht oft d'Länner musse wiesselen, hir Kanner a Schoulstrukturen anzeschreiwen, sou wéi se se och an hiren Heméchtslänner virfannen. D'Offer vum Lycée Vauban, wéi och vun deenen aneren internationale Schoulen, steigt stänneg. Mir mussen enger Demande vun ëmmer méi Kanner Rechnung droen.

(M. Jean Asselborn prend la Présidence)

Wa mir d'Schülerzuelen an deene leschte Joren analyséieren, kënnen mir e konstanten Zouwuess fir de Lycée an de Kolléisch Vauban feststellen. Waren am Joer 1996/97 191 Kanner ageschriwwen, esou waren dat der bei der leschter Renée 330, eng Steigerung vu méi wéi 60% an deene leschte siwe Joer. Och wann de Gros vun dese Schüler franséischer Nationalitéit ass, esou huelen awer och eng Partie belsch a lëtzebuergesch Kanner un deem Unterrecht deel.

Mat engen 330 Schüler huet de Lycée Vauban seng maximal Capacitéit erreecht, an et huet deemno missen iwwert de Réaménagement vun deene bestehende Gebaier nogeduecht ginn. Am Moment sinn d'Schüler alleguer vum Lycée Vauban a provisoreschen Infrastrukturen an der Rue Sax um Lampertsbiërg ënnerbruecht, wou de Contrat de bail den 31. Abrëll 2005 ausleeft. Déi meescht vun dese Strukturen sinn aus Holz an hu méi wéi 35 Joer um Bockel, an an deene leschte Joren ass et an deenen Infrastrukturen och dozou komm, dass Waasser erakomm, dass et era gereent huet, dass d'Plaffongen erofgefall sinn, esou dass des Raimlechkeeten net méi deenen aktuelle Sécherheetskriterien entspriechen.

Deen neie Site, dee fir d'Ennerbréngung vum Lycée Vauban virgesinn ass, besteet aus dräi Gebaier, déi kënnt Der och op deene Pläng, déi am Projet de loi bällegen, gesinn. Dat sinn d'Gebaier A, B a G, déi an der Avenue de la Faiencerie bis d'Joer 2000 nach vun der École américaine besat waren. D'Gebaier A ass en aalt Klouschter aus dem 19. Jorhonnert a besteet aus dräi Stäck, wou am Moment 14 Klassenäil, fënnf Laboen an och nach aner Säll ënnerbruecht gi sinn. Hei sinn och d'Raimlechkeete vun de Professeren, der Administratioun an der Direktioun. D'Gebaier B ass méi rezent gebaut a besteet aus véier Stäck an engem Keller, an dat drëtt Gebai ass e Gymnase mat zwou Annexen, dat 1985 gebaut ginn ass, an an deem Gebai befanne sech momentan eng Sportshal esouwéi d'Vestiairen an och déi entspriechend Sanitärariichtungen.

Wat elo de Bauprogramm betrëfft, esou gëtt deene pedagogeschen, hygieneschen a Sécherheetsnormé Rechnung gedroe fir de Lycée Vauban esou funktionell wéi méiglech fir d'Schüler ze gestalten. De Bauprogramm gesäit deemno den Aménagement voire Réaménagement vun deenen normale Klassenäil, de Spezialäil, den administrativen Aariichtungen an der Structure d'accueil vir. Ech mengen, et ass wichteg dass och hei Structure geschafe gi fir dass d'Schüler éischten mueres emol do kënnen empfaange ginn an och mëtten anstänneg zerwéiert ginn, voire dass se sech do kënnen ophalen.

Fir de Moment kënnen d'Schüler vum Lycée Vauban an de Kantine vum Lycée technique du Centre a vum Lycée technique Michel Lucius iesse goen. Well des Gebaier awer hire Schoulunterrecht op d'Journée continue ëmgestallt hunn, sinn dofir keng Sätzplaze méi do an deenen zwee Restaurants scolaires, an et huet deemno missen no Alternative gesicht ginn. Dat heescht et kënnt e Restaurant scolaire mat enger voll équipéierter Kiche fir eng 100 Schüler an de Lycée Vauban, déi deenen hygiene-schen an och de Sécherheetsnormen entsprécht an déi capabel ass fir 200 Menüen den Dag ze preparéieren.

Wat d'Verdeelung vun de Raimlechkeeten ugeet, esou ass Folgendes virgesinn: nämlech 22 nei Klassenäil mat enger Capacité unitaire fir 30 Schüler, dräi polyvalent Laboratoire fir déi verschidde Fächer wéi Biologie, Chimie a Physik, zwee Informatikssäll, jee ee Sall fir Géographie, Geschicht, Musik, Zeechnen an Turnen. Fir d'Direktioun, d'Administratioun an d'Proffes si Büro virgesinn esouwéi e Konferenzsall an e Versammlungsraum, fir d'Structures d'accueil eng Bibliothéik, e Liessall an e Foyer, an des Weideren e Fotoslabo an zwee Säll fir Archiven esouwéi eng medezinesch Infrastruktur. Et sief och hei bemierkt, dass d'Sportsinfrastructure, déi bis elo am Gebai G ënnerbruecht ass, och do bleiwe soll. De Sall mat de Vestiairen an de

sanitären Anlage gëtt moderniséiert an deenen aktuelle Besoinen ugepasst. Ausserdem ginn um Site selwer och nach 40 Parkplazen esouwéi e Busquai aménagéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat elo den Aménagement vun deene verschiddene Gebaier ubelaangt, esou gesäit de Projet vir, dass de Collège Vauban an d'Gebai A kënnt, de Lycée Vauban an d'Gebai B, an d'Gebai G behält seng Funktioun, wéi ech virdu gesot hat, als Sportshal.

Wat den Aménagement vun dem Extérieur betrëfft, esou mussen och do verschidde Mängel behuewe ginn, an an der Bautekommissioun war och d'Fro opkomm, firwat dass mer déi al Gebaier net ewech géife rappen an duerch en Neibau géifen ersetzen: Mä well d'Klouschter awer en typesch architektonesche Stil aus dem 19. Jorhonnert besetzt, ass beschloss ginn, den Extérieur an och dat Gebai a senger Integralitéit ze erhalen. An deem ale Klouschter kommen nieft deene bestehende Säll fënnf nei Klassenäil bäi, an et fënnt een hei och Gemeinschaftssäll vum Kolléisch a vum Lycée, wéi zum Beispill de Réfectoire, d'Bibliothéik, d'Infirmerie an de Préau. Op den éischte Stack kommen d'Direktioun, d'Administratioun an déi Säll, déi fir d'Sciencë gebraucht ginn. An d'Gebai B kommen ebenfalls Klassenäil an eng Partie Spezialäil, an dat drëtt Gebai bleift fir d'Sportshal erhalen.

Wéi et sech och gehéiert, ginn déi dräi Gebaier duerch Rampen a Lifter behënnergerecht a conforme zu alle Sécherheetsmoosnamen aménagéiert. Den Exposé des motifs an d'Annexé vun deem Projet de loi beschreiwen an allen Einzelheiten de genaue Bauprogramm, d'Architektur, d'Konstruktioun esouwéi den techneschen an och de finanziellen Deel.

Ech wollt awer nach e puer Wuert iwwert de Concept énergétique soen. Fir deenen ekologesche Kriteren ze entspriechen, déi an den Direktiven iwwert d'Isolatioun vun de Bâtiments publics an och am Guide écologique pour la construction et la rénovation des bâtiments publics virgesi sinn, gëtt et eng Duebelverglasung fir an all Fënsteren, d'Fassaden an d'Diecher ginn thermesch ofgedicht, d'Heizung an deene verschiddene Gebaier gëtt erneiert, och an der Sportshal, a komplett iwwerholl. De Chauffage am Gebai A gëtt an eng Zentralheizung ëmgebaut. An an deem Kontext gouf och an der Bautekommissioun d'Fro opgeworf, ob de Lycée Vauban net hätt könne un d'Installation de cogénération vum Lampertsbiërg ugeschloss ginn. Déi Responsabel aus dem Ministère hunn eis gesot, dass de Lycée net déi adequat Installatiounen hätt an dass de Site ze kleng wär fir op deen dote Wee kënnten zréckzegräifen. Et gi Sonnekollektore virgesi mat enger Fläch vu ronn 70 m² a bei der Sportshal gëtt d'Reewaasser och opgefaange fir d'Bewässerung vun de Gréngflächen ze assuréieren.

Am Projet de loi, deen aus véier Article besteet, ass ënnert anerem de Gesamtbetrag vun 13,5 Milliounen Euro festgehalen ginn, deen och net iwwerschrafft därerf ginn, ansonst muss en neie Projet gemaach ginn. An der Bautekommissioun krute mir och vun deene Responsabelen aus der Administration des Bâtiments publics matgedeelt, dass déifgräifend Etüden a Sondagë gemaach goufen, wat d'Transformatioun vun de Gebaier ubelaangt. Well d'Gebaier och elo de Moment eidel stinn, kënnten d'Aarbechte séier virgoen, an et därerf een eigentlech bei dem Embau keng gréisser Iwwerraschungen erliewen. Fir awer all deenen Imprévuë virzebauen, ass och eng Reserv virgesi vu 730.000 Euro am Devis vun de Käschten, deen opgestallt gouf.

Dese Projet iwwert de Réaménagement vum Lycée a Kolléisch Vau-

ban ass net nëmmen néideg fir dass d'Schüler an deene beschtméigleche Konditiounen kënnen ënnerriicht ginn, mä en dréit och zur Promotioun vun eise Land am Ausland bäi, op jidde Fall bei deene Beamten, déi aus dem Ausland hei schaffen. Ech wëll dofir just ee Saz zitéieren wou de Statsrot a sengem Avis seet: „Comme ce projet vise à permettre à des parents, travaillant dans un environnement international et pouvant facilement être mutés d'un pays à l'autre, de scolariser leurs enfants dans une structure internationale qu'ils retrouveront dans leur pays d'origine, il contribue également à favoriser la promotion du pays auprès d'investisseurs étrangers.“

An deem Sënn wëllt ech dann och bieden, de Projet vun der Renovatioun vum Lycée a Kolléisch Vauban ze stëmmen esou wéi mer dat an der Kommissioun gemaach hunn, an ech géif och domat den Accord vun der CSV-Fraktioun bréngen.

Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Éischten Orateur ass den Här Scheuer. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jos Scheuer (LSAP).- Merci, Här President. Dat hei ass e Projet deen e bëssen aus dem Kader vun haut de Mëtteg fällt. Mir hatten a mir wäerten och praktesch lauter Projeten hunn, déi sech mam Opbau vum Süde befaassen. Elo hu mer emol een, deen an den Zentrum passt, an de Rapporteur ass een aus dem Norden, a bei eis schwätzt een aus dem Osten, dat weist wéi dëst Parlament fir d'ganz Lëtzebuurger Land zoustänneg ass.

Déi Schoul, dee Lycée Vauban, kënnt op eng Plaz wou virdu scho Schoule bestanen hunn. D'American School, déi rausgeplënnert ass, an dann d'École maternelle et primaire française, déi och scho besteet zënter enger Rei vu Joren an déi elo zesumme mat dem Lycée Vauban an d'Avenue de la Faiencerie kënnt. Et ass en absolut sënnavolle Projet an e gudder Projet vun der Konstruktioun hier. Et gëtt op eng exemplaresch Aart a Weis déi bestoend Bausubstanz réaffektéiert an et gëtt renovéiert - et gëtt gehal, wat do war. De Site behält säi Cachet. Ech muss soen, dat ass absolut positiv.

De Lycée Vauban gëtt et zënter 1984. E puer Zuele sinn trotzdeem interessant. Déi 330 Èlven, déi do sinn, begräife 72% franséisch Kanner an 8,5% Lëtzebuurger Kanner. Dee Lycée ass gewuess vun der Grënnung hier vun 190 bis elo op 330. De Projet huet eng Enveloppe budgétaire vun 13.500.000 Euro. Dat ass trotzdeem e Chiffer, dee misst een e bëssen erkläert kréien. Do sinn e puer Froen opstoe bliwwen. Wann een déi Zomm vergläicht mam Investissement an en Neibau: Lait dat méi héich oder lait et méi déif? Wat ass de Volume vun engem Schoulgebaier, de Meter Kipp an engem Schoulgebaier, wat nei gebaut gëtt? Wéi ass de Meter-Kipps-Präis bei esou enger Réaffectatioun? Et ass den übleche Problem, dee sech ëmmer stellt: Neibau oder awer reaffectediert. Vläicht wär et interessant fir do gewuer ze ginn, wéi dee Rapport ass.

Selbstverständlech gi mir eisen Accord zu deem Projet. Ech wëll awer e puer Noten ubréngen. Fir d'éischt am Numm och vun der Partei: Et ass absolut noutwendeg, datt mir zu Lëtzebuerg international Schoulen hunn. Ech hat dat eng Kéier betount am Numm vun der Partei, an zwar virun allem wéi mir d'International School of Luxembourg kommentéiert hunn. Déi sinn noutwendeg. Mä dat kënnt een elo ausbauen. D'International Schoule stellen eng regelrecht Alternativ zum Lëtzebuurger Schoul-

modell duer, an asoufern si se noutwendeg, well se eng Alternativ zur öffentlecher Schoul duerstellen, mä an eisen Aen och eng Alternativ zu de Privatschoulen. Deen Alternativmodell, deen d'Lëtzebuerger Privatschoule par rapport zur öffentlecher Schoul duerstellen, deen ass awer op d'mannst diskutabel. Ech wollt dat nach eng Kéier widderhuelen.

De wesentlechen Ennerscheid zu der Lëtzebuerger öffentlecher Schoul ass, datt déi dote Schoulen eben net gratis sinn. Erënnert lech, bei der Internationaler School, do war de Minerval 15.000 Euro. Ech hunn elo nogekuckt, beim Lycée Vauban ass de Minerval och relativ héich vu 5^e bis Terminale - dat heescht dat, wat den eigentleche Lycée ausmécht, de Kolléisch läit jo do virdrun, de Kolléisch ass den Iwwergang vun der Primärschoul op de Lycée -, op jidde Fall, beim Lycée läit de Minerval an der Skala vun 2.735 Euro am Joer bis op 4.100 Euro am Joer. Och de Lycée Vauban ass also keng Schoul fir jiddfereen.

Fir dat ze ergänzen niewent der offizieller Offer, gëtt et dann nach sou genannte fakultativ Coursen, an och déi hunn hire Präis. E fakultative Cours, ob dat zum Beispill Instruction politique ass, dee kascht tëschtent 280 a 420 Euro am Joer. Ech weess elo net, wat de Préscolaire a wat de Primaire kaschten. Dat heescht, déi do Schoule sinn Eliteschoulen, egal wéi een elo dat Wuert Elite ausleet, dat si keng Schoule fir sozial schwach Familljen. Ech betounen nach eng Kéier, och d'Europaschoul ass net accessibel fir jiddfereen. Bleift also dat, wat een tésche Guillemets „Résidu“ vun auslännesche Schüler zu Lëtzebuerg nenne muss. Déi musse vun der öffentlecher Schoul opgefaange ginn.

Dat hei, dës Schoule bezeechnen ech als Nisch an eiser Gesellschaft, déi een, wéi de Statsrot dat gesot huet, als noutwendeg betruechte muss, als sënnvoll, och vum wirtschaftleche Standpunkt hier. Mä vum Sozialen hier gekuckt a vun där Kohesioun vun der Lëtzebuerger Schülerpopulatioun werfe se eng ganz Serie vu Problemer och op fir déi öffentlech Schoul.

D'Konklusioun doraus, ouni dat elo auszemole bis an de Detail: Et gëtt keng Dispens fir d'öffentlech Schoul, fir sech un d'Besoinë vun der ganzer Populatioun unzepassen. Dat wäert de permanenten Défi bleiwe fir de Lëtzebuerger Schoulsystem. Ech behaapten, datt d'Cohésion sociale duerch esou Projete wéi déi elei, wann där nach eng Serie kommen, riskéiert verluer ze goen, an deem Moment wa Privatschoulen onnëtzerweis entstinn, wou een de Begrëff onnëtzerweis als net noutwendeg definéiere kann, och wann een do nach munch Denkaarbecht leeschte muss.

De Lycée Vauban ass ouni Zweifel eng noutwendeg Schoul. Ech wollt, mat deene puer Gedanken, déi ech dorun ugefléckt hunn, d'Zoustëmmung vun der LSAP bréngen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Merci, Här Scheuer. Nächste Riedner ass den Här Bettendorf. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

M. Niki Bettendorf (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech meng Ausféierungen hei wëll ufänken, wëll ech och dem Rapporteur, dem Här Nico Loes, merci soe fir säin excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

De Projet de loi, iwwert dee mir haut schwätzen, wäert säin Deel dozou bäidroen, fir éischters d'schoulesch Infrastrukturen hei am Land nach weider ze verbesseren an zweetens eist Land fir auslännesch Geschäfte an hir Employéë méi attraktiv ze gestalten.

Firwat ass dat esou? Et ass nach guer net esou laang hier, do hu mir hei an der Chamber d'Budgetsdebatten fir 2004 gefouert. Den Dëschdeg hu mir de Budget gestëmmt, an aus dësen Debatten ass ervirgaangen, dass vill am Land hei investéiert gëtt, a virun allem iwwert d'Héicht vun den Investitiounen ass geschwat ginn. Ech wëll lech just drun erënneren, dass dës Regierung Investitiounen a ville Beräicher wéi zum Beispill den Infrastrukture fir Schoulen an der Santé an och nach am Transportwiesen op engem héijen Niveau gehalen huet an och nach weider hält. A besonnesch sinn et do d'Schoulinfrastrukturen, déi ons ganz staark um Häerz leien.

A wéi fir dat ze beweisen, steet jo haut och nach d'Vergréisserung an de Réaménagement vum Lycée Technique Esch/Lalleng um Ordre du jour. Et ass och nach net laang hier, dass mir hei den neie Lycée vu Réiden gestëmmt hunn. Wa mir also nëmmen dës dräi Projeten zesummenhuelen, da komme mir schonn op en Investitionsvolume vun iwwer 200 Milliounen Euro. De Projet vun haut, iwwert dee mir grad schwätzen, entsprécht enger Investitioun vun 13,5 Milliounen Euro. Et ass also net de gréisste vun deenen, déi mir elo gestëmmt hunn an och nach wäerte stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Lycée Vauban hei zu Lëtzebuerg ass 1984 vu franséischen Elteren a vun anere Frankophonë gegrënnt ginn. Si wollten et hire Kanner erméiglechen, och hei zu Lëtzebuerg vun engem Enseignement secondaire français ze profitéieren. De Lycée Vauban zu Lëtzebuerg ass ee vu ronn 400 Établissements uechtert d'ganz Welt, deen zur Agence pour l'enseignement français à l'étranger gehéiert. Weltwäit scolariséiert déi Agence eng ronn 240.000 Schüler, wat déi enorm Nofro no deem Typ vu Schoul weist.

Insgesamt ass ze constatéieren, datt d'Nofro no internationale Schoulen ëmmer méi zouhëlt. Dës Entwécklung ass ganz einfach domadder ze erklären, datt an Zäite vun enger wuessender Europäescher Unioun an enger ëmmer méi globaliséierter Weltwirtschaft d'Mobilitéit vun den Employéen, vun den Aarbechter fir hir Firmen a Konzernern ëmmer méi wichteg gëtt. Si mussen hir Leit schnell a mat méiglechst weënegem Opwand a Bürokratie dohinner schécke kënnen, wou si hir Leit brauchen. An Zäiten, wou awer an ëmmer méi Familljen déi zwee Elterendeeler schaffe ginn, ass et fir ee Land e considérablen Advantage, wann d'Elteren an deem Land, an dat si geschéckt ginn, eng adequat Schoul fir hir Kanner kënnen fannen. Dat bréngt och mat sech, dass zum Beispill d'Famillje kann zesummebleiwen, wann e Mann oder eng Fra aus enger Famillje muss an en anert Land déplacéiert ginn - si hu Kanner - an do fannen d'Eltere keng Schoul fir hir Kanner, dann ass d'Mamm oder de Papp gehalen doheem ze bleiwen a kann den Déplacement an d'Ausland net matmaachen.

Dofir fannen ech, dass dat hei eng gutt Saach ass, dass mer dat och bei eis ubidden. Schoule wéi de Lycée Vauban, d'Europaschoul, d'American International School, oder och nach d'St. George's School, fir der nëmmen e puer ze nennen, kënnen domadder zu engem wichtige Standuertifaktor och fir Fime ginn. Elteren déi wëssen, datt si och op hirer neier Plaz eng Schoul fir hir Kanner fannen, si vill méi schnell bereet fir an d'Ausland ze goen; an dësem Fall fir op Lëtzebuerg ze kommen. Oder, vun där anerer Säit gekuckt, d'Firme sinn natierlech dorunner interesséiert, datt hir Mataarbechter e gutt Umfeld am Ausland fannen, well zefridde Mataarbechter noweislech méi Leeschtung brénge wéi onzefriddener.

An deem Kontext kann een also de Lycée Vauban als e klengen, awer

wichtige Deel vun der Standuertpolitik vum Lëtzebuerger Land an der Lëtzebuerger Wirtschaft ugesinn. Speziell de Lycée Vauban ass awer elo net nëmmen eng Schoul fir auslännesch Kanner, de Rapporteur huet och schonn drop higewisen, dass och praktesch 9% vun de Schüler am Lycée Vauban Lëtzebuerger sinn, dat kënnt natierlech doduerch, dass ganz oft a Famillje gewëssen Elterendeeler nëmme Franséisch doheem geschwat hunn an dass deenen hir Kanner méi Problemer an der Lëtzebuerger Schoul hunn. An dofir sinn esou international Schoulen och vu grousser Bedeutung. Si sinn och wichteg fir Kanner vun Diplomaten an - ech hunn et scho gesot - fir aner Leit, déi oft hir Aarbechtsplaz musse wiesselen.

Ech wollt just eng ganz kleng Klammer opmaachen, well den Här Scheuer drop agaangen ass. Gëschter huet d'LSAP hei géint d'Privatschoule gewiedert. Ech muss awer soen, ech si frou dass d'Sozialisten och dësse Projet wäerte stëmmen. Ech muss och drop hiweisen, dass de Minister Goebels, wéi e Bauteminister war, der American International School e schéint Gebai dohinner gericht huet. Et ass also net ëmmer wéi si d'Privatschoul an d'öffentlech Schoul no bausse wëlle verkaufen, wann et drop ukënnt, da stëmme se dat ebe mat, well et och fir eist Land noutwendeg ass.

(Interruption)

Den Här President, deen hanneru mer sëtzt, därff jo elo näischt soen.

M. le Président. - Hien héiert awer alles.

(Interruption)

M. Jos Scheuer (LSAP). - Dir hutt awer net gutt nogelauschert, wat ech gesot hunn. Et war awer méi nuancéiert wéi esou.

M. Niki Bettendorf (DP). - Jo, ech kënnt och méi an den Detail goen, mä ech maachen dat elo net.

Här President, et ass wichteg, dass mir hei am Land de Kanner, déi an dës Schoule kommen, déi Infrastrukturen zur Verfügung stellen. Mir wëssen alleguerten, wéi et haut mam Lycée Vauban a senger ablécklecher Form ausgesäit. Dat ass net méi déi Schoul, wou en héichqualitativen Enseignement ka gehale ginn. Déi Gebaier si praktesch 35 Joer al an do muss eppes Neies geschéien, an dofir ass deen heitege Projet vun absolut grousser Wichtigkeet. Et muss een och nach soen, dass dee Bail, wou déi Schoule momentan dra sinn, 2005 ofleeft. Ech hoffe just, dass dee Bail esou laang verlängert gëtt - ech hunn dat net nogefrot - bis dat neit Gebai dann awer wierklech wäert fäerdeg sinn.

De Rapporteur ass och drop agaangen, wéi d'Schülerzuel an d'Luucht geet. Ech ka mer dat also och spueren. Ech ka roueg nach e puer Säiten ëmbliden, wann ee weess, dass scho virdrun esou viles gesot ginn ass. Et huet kee Wäert, dass mer hei de l'art pour l'art maachen, dat huet absolut kee Wäert. D'Aarbechte wäerte sech viraussichtlech op zwee an en halleft Joer erauszéien a si sollen eréischt, mengen ech, 2007 ufänken; wat natierlech schued ass, wann een dann eréischt ukënnt. Dat bedeit, dass de Lycée Vauban nach e ganzt Stéck Zäit muss op déi nei Gebaier waarden.

Et ass och Rieds gaangen - an de Rapporteur huet et och schonn ugeschnitten -, ob een hätt sollen nei bauen oder restauréieren. Hien huet d'Wichtigkeet vun der Restauratioun dohinner geluecht an ech sinn och domadder averstannen. Ech muss awer och soen,

dass mer mat Restauratiounen mussen en Zwischending fannen an net einfach restauréieren, fir ze restauréieren. Mir hunn dat hei mam Richard a Pränz, an ech muss lech soen, mir als Chamber hätte besser gehat, mir hätten d'Fassade gehalen an hätten dat, wat handendru war, nei gebaut.

(Interruptions)

M. Jos Scheuer (LSAP). - Wësst Der ween dat do verteidegt huet!

Une voix. - Séier richtig!

M. Niki Bettendorf (DP). - Dann hätte mer ganz schéin a funktionnell Raimlechkeete kritt.

(Interruptions)

Dat ass leider esou. Ech war och Buergermeeschter. Ech war Buergermeeschter an enger Gemeng an do krut ech och vun uewen erf gesot, e Gebai dat hätt eng grouss Valeur fir d'Gemeng, dat misst stoe bleiwen. Mir hunn et och restauréiert, a mir hunn eng Gendarmerie dragesat; deemools war et nach Gendarmerie. A wéi d'Gendarmerie dra war, hu mer festgestallt, dass déi Bürosraim vill ze kleng waren. Ech muss lech éierlech soen, dass et besser gewiescht wär, mir hätten d'Fassade stoe gelooss a mir hätten hannendrun e schéint grousst Gebai gemaach, wat fonctionnell gewiescht wär, dann hätte mer keng zweet Gendarmerie oder Police brächten ze...

(Interruptions diverses)

M. Jos Scheuer (LSAP). - Da sidd Der streng mat der DP.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Niki Bettendorf (DP). - Ech mengen, et steet eis gutt zu Gesicht, wa mer kritesch mat eis selwer sinn. Well een deen net kritesch mat sech selwer ass an dee sech net a Fro stellt, déi mécht et och an der Zukunft net besser.

M. Jos Scheuer (LSAP). - An e kënnt och net virun.

M. Niki Bettendorf (DP). - An e kënnt och net virun. Voilà.

Bon, op ee Punkt kann ech nach agoen, dat ass de Verkéier. Mir wëssen alleguerten, dass d'Entrée do uewen d'Avenue de la Faiencerie ass. Mir wësse wéi schwéier et ass fir do aus an ze fueren. Et gëtt en haart Stéck Aarbecht, fir dat an de Grëff ze kréien. Ech hoffen, dass dat gutt geet. Da steet och nach am Exposé des motifs de Punkt „Emplacement et stationnement“. Hei steet, l'accès au site - bon, dat hunn ech elo gesot - iwwert d'Faencerie, mä do kommen d'Kanner, déi do spillen, ganz no un d'Autoen an esou weider erun, do muss ee ganz virsiichteg virgoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir mussen et also de Kanner erméiglechen, aus deene provisoireschen an deelweis scho baufälligen Infrastrukturen, wann een déi dann iwwerhaupt nach als Infrastrukture bezeechne kann, eraus ze kommen. Dem Lycée Vauban mat sengem Collège musse mir insgesamt adequat Infrastrukturen, déi der Entwécklung vu senger Schülerzuel Rechnung droen - zur Verfügung stellen. Raimlechkeeten, déi se brauchen. Mir mussen een Deel dozou bäidroen, datt Lëtzebuerg attraktiv bleift fir auslännesch Investoren, an dofir wäert meng Fraktioun, d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei, dësem Projet ouni Vorbehalt hir Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech merci fir d'No-lauschteren.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Bettendorf. Den nächste Riedner ass den Här Jean-Jacques Henckes.

Une voix. - Pardon, Jacques-Yves Henckes!

M. le Président. - Jacques-Yves Henckes, pardon.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, mir ginn eens.

Ech mengen, et ass bluttnoutwendeg, datt dee Projet de loi, dee mer haut zur Diskussioun hunn, op den Ordre du jour vun dëser Chamber kënnt, well mer gesinn hunn, datt dee Lycée Vauban lues a lues aus allen Néite platzt an datt et noutwendeg ass, datt e renovéiert gëtt. De Lycée Vauban huet eng wichtige Roll ze spillen an enger mondialisierter Welt, wou ëmmer méi Kaderbeamten, mä och mëttel- a kleng Beamten, spezialiséiert Aarbechter, a verschiddene Sitë musse schaffen a wou deen Ablack muss Suerg gedroe ginn, datt si mat hirer Familljen, an notament hir Kanner, deeselwechten Enseignement kënnen an all Land virfannen, wou se higeschéckt ginn.

Et ass och esou, datt de Minerval, dee bezuelt gëtt, natierlech e Montant fixe duerstellt, mä et ass och d'Méiglechkeet fir deen no ënnen ze adaptéieren an no soziale Kritären unzepassen.

(Interruption)

Doriwwer eraus därff een och net vergessen, datt déi Leit, déi e Minerval bezuelen, dat jo och net steierlech mussen uginn, well dee Montant vum Minerval vun hirem Gehalt aus steierlech exonéiert ass. An ech mengen dat ass eng gutt Hëllef, fir d'Mobilitéit vum Personal international ze garantéieren.

De Rapporteur, den Här Loes, huet de Projet in extenso bellicht an och op d'Wichtigkeet vum Projet higewisen, sou datt ech dorobber hi weider net méi vill Wieder wëll verléieren.

Just nach ee kleng Problem, Madame Ministerin, dat ass den Accès zum Lycée Vauban. En ass situéiert an engem Areal wou et och nach e Centre universitaire, haut Universitéit, gëtt a wou den Accès all Kéiers an d'Avenue de la Faiencerie erausmündt a wou ee gesäit, datt d'Personal elo zousätzlech Parkplaze gebaut kritt. Dat ass besser wéi mer dat an der Stad Lëtzebuerg leider kennen, wéi d'Autoen an d'Schoulhaff parken ze loossen. Mä et ass awer en anere Problem, deen ugeschnidde ginn ass am Projet de loi. Dat ass, datt d'Kanner sollen den öffentlechen Transport gebrauchen. Deem ass awer an der Praxis net esou, well déi Kanner vu ganz villen Horizonte kommen, an et gesäit een, datt de Gros vun den Elteren haaptsächlech bei deene méi kleng Kanner, déi jo och an de franséische Primärschoule sinn, mat Autoen kommen an d'Kanner déposieren.

Dofir géing ech d'Madame Ministerin bieten ons ze soen, wéi mer dee Problem do kënnen geléist kréien, fir ze évitéieren, wann et méi e groussen Opwand vun Autoe gëtt, datt mer deen Ablack net duerch e Stau de ganzen Accès blockéieren. Do ass eng Problematik, déi amgaangen ass ëmmer méi grouss ze ginn, an ech géing d'Madame Ministerin wierklech bidden sech deem Problem do unzehuelen, fir ze kucken eventuell deen een oder deen aneren Aménagement nach virzegesinn, fir ze verhënneren, datt de ganzen Accès blockéiert gëtt.

Dat gesot, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

M. le Président. - Merci, Här Henckes. Déi lescht Riednerin ass d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener (DÉI GRENG). - Merci, Här President, ech wäert net ganz vill Wieder maachen, well viles schonn iwwert dee Projet hei gesot ginn ass vu menge Virriedner.

Ech wollt direkt op déi Problematik agoen, déi vum Här Bettendorf ugeschwat ginn ass, nämlech datt mer hei e Projet virleien hunn, wou ee kënn vill driwwer streiden, ob ee soll alles ofrappen an en neit Gebai dohinner setzen oder ob et Sënn mécht, esou wéi d'Regierung dat hei proposéiert, fir ze renovéieren. Ech soe bewosst renovéieren an net restauréieren, well et sech beim Gros vun deene verschidde Gebaier éischter ëm Astandsetzungen handelt wéi ëm eng ganz intensiv Restauratioun vun engem Monument historique, an do sinn ech och vläicht scho mat engem Fouss am Projet de loi, dee mer an enger anerer Kommissioun virleien hunn, nämlech dee vun der Reform vum Denkmalschutz.

Ech denken, datt sech hei einfach grondsätzlech Problemer vun der Approche zum Denkmalschutz stellen. Mir hunn am Komplex vum aktuelle Lycée Vauban eent vun de Gebaier wat aus dem 19. Jorhonnert staamt, wat en aalt Klouschter ass, wann ech mech gutt erënneren, a wou ee sech wierklech d'Fro muss stellen: Musse mer dat Gebai net schützen a musse mer net dofir suergen, datt et erhalé gëtt? An dann, mengen ech, stellt sech aus eiser Optik eréischt déi zweet Fro: Wéi eng Fonctioun kënnen mer deem Gebai da ginn, déi sech mat der Erhaltung an der Restauréierung vun deem Gebai verdréit? An dat ass vläicht dann och de Problem, deen den Här Bettendorf vir-druck ugeschwat huet.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Et ass net ëmmer einfach fir Fonctiounen ze fannen, déi sech esou integréiere loosse, datt dat klappt. Heiansdo entstinn da Plazproblemer oder aner Problemer, mä ech mengen datt et awer wichteg wier, datt mer och zu Lëtzebuerg géifen zur Erkenntnis kommen, datt et net duergeet a Fassadismus ze maachen a Gebaier ze entkernen. Mir hu ganz vill Gebaier, wou dat mëttlerweil scho geschitt ass, wou mer just nach d'Fassaden hunn an oft sinn d'Fassaden esouguer nach eng Kéier mat Sandstrahl esou gutt ofgemaach ginn, datt déi wäertvoll Reliefer, déi eng Kéier do dra gemaach gi sinn, zum Deel scho fort sinn, esou datt et wierklech wichteg wier, datt mer hei eng nei Approche géife kréien. An ech kënn mer virstellen, datt dat eent Gebai, vun deem ech elo grad geschwat hunn, sech do och géif ubieden, fir sech ze iwwerleeën: Ass dat en Zäitzeien? Musse mer do net e Schratt méi wäit goen, wéi wann dat en normaalt Gebai wier?

Bei deenen anere Gebaier ronderëm hunn ech mer effektiv d'Fro gestallt, ob deen Opwand, deen elo do bedriwwé gëtt fir Maueren a Plaffongen an ech weess net wat alles ze réckelen, fir déi Gebaier erëm kënnen nei ze notzen, Sënn mécht, ob et Sënn mécht fir esou virzegoen oder ob een hätt kënnen an eng aner Richtung goen a vläicht dann och méi rationell a méi funktionell bauen.

D'Regierung seet eis, datt dat hei géif Sënn maachen an och méi bëlle ginn a vläicht och méi schnell, wéi wa mer géifen nei bauen. Mir wäerten da gesinn, an d'Zukunft wäert eis weisen, ob dat wierklech de Fall ass.

En zweete Punkt, Här President, deen ech nach hei wollt emol erëm eng Kéier uschneiden, dat ass dee vum Energiekonzept. De Rapporteur, den Här Loes, huet vir-druck opgezielt wat alles vu positive Saachen hei geschitt. Ech wëll déi och net an Ofried stellen. En huet awer selwer och déi Diskussioun ugeschlidden, déi mer alt erëm eng Kéier an der Kommissioun haten iwwert d'Cogénératioun, an ech wëll awer nach eng Kéier insistéieren a soen, datt mir als Gréng net averstane si mat der Approche fir ze soen, datt ee bei engem Gebai, wat dann eben „nëmmen“ déi heiten Dimensioun huet, well et si jo awer ëm déi 400 Schülerinnen a

Schüler, déi hei an d'Schoul ginn, net kënn eng Cogénératioun maachen, datt déi sech do net géif ren-teieren.

Dat ass eng Iddi, déi ëmmer nach an de Käpp vun deene verschidde Responsable schwieft. Mir mengen, datt een do wierklech endlech méi ëmdenken a sech bewosst ginn, datt am Ausland scho längst och bei ganz klengen Unitéiten, bei Eefamilljenhaier esouguer mëttlerweil Cogénératiounen gemaach ginn an datt een dat da sécherlech och hei kënn maachen. An d'Argument fir ze soen, mir maachen datt elo nach net, mir maachen et méi spéit, ass eng geféierlech Léisung, well hei gëtt elo eng deier Gasheizung installéiert an herno, wann een dann eng Kéier kënn iergendwou u méi e grouse Komplex uschléissen, dann huet een déi Suen awer schonn eigentlech e bëssen an de Sand gesat, esou datt dat keen immens rationell Virgoe wär.

Ech liesen dann am Projet de loi an ech zitieren lech dee Saz och, well ech mengen, datt en e bëssen d'Haltung vun der Regierung erëmgëtt an där Matière, wat se iwwert d'Photovoltaique gesot huet. Et gëtt effektiv eng Photovoltaique-Anlag installéiert an da steet hei: „L'installation photovoltaïque a été retenue pour répondre à la demande de prévoir une installation d'énergie renouvelable.“

Wann ech dat op Lëtzebuergesch iwwersetzen, dann heescht dat fir mech, jo, do si lauter Leit déi dat ëmmer erëm froen, da maache mer et alt. Fir mech ass dat net eng offensiv Politik vun neien Energiekonzepten, déi ee kann an öffentlech Gebaier integréieren, an ech weess datt ech mech hei widderhuelen, mä ech ginn dee Kampf awer trotzdeem net op fir ze soen, datt mer méi global mussen un déi Problematik eruegen, an net einfach well et schéin ausgesäit a well et och nach vläicht de Schüler weist, datt ee kann aner Konzepter installéieren, dann e puer Photovoltaique-Placken op den Dach setzt a sech dann d'Hänn an Onschold wäscht. Mir mussen do wierklech, Här President, e Schrëtt méi wäit goen.

Ech wollt dann op e leschte Punkt kommen, an dee geet vläicht iwwert d'Mauere vun deem Gebai, deem seng Renovatioun mer haut hei stëmmen, eraus. Dir hutt vläicht och selwer an der Press gelies, datt et an deem Gebai tëschent de Leit an der leschter Zäit zu Konflikter komm ass, an dofir sinn ech ganz frou, datt d'Madame Brasseur och bei der Diskussioun dobai ass. Et ass nämlech esou, datt mer jo hei eng Privatschoul hunn an datt, zënter datt mer déi Reform vun de Privatschoulen hunn, e Konflikt opgetaucht ass, oder e Konflikt sech zumindest zougespëtz huet, deen elo an e Streik gemündet huet, an dat kënn ganz einfach dohier, well et an deem Gebai zwou Zorten Enseignanté gëtt, mä am Ennerscheid zu eisen öffentleche Schoule sinn et nach eng Kéier zwou aner Zorten. Et sinn engersäits franséisch Fonctionnaires, also franséisch soen ech well se vu Frankräich aus bezuelt ginn, an da ginn et nach sougenannten Enseignants locaux. Do gëtt et schonn eng enorm Differenz an de Salären. Mä alleguerter verdénge se, wann ech gutt informéiert sinn, och nach eng Kéier manner wéi d'Lëtzebuurger Enseignanten an den öffentleche Schoulen, an do sinn natierlech elo Revendikatiounen komm, well déi Enveloppe budgétaire, déi d'Schoul kritt, duerch deen Accord an d'Luucht gaangen ass, an déi Enveloppe budgétaire schéngt awer net sech nidderschloen op de Gehälter vun den Enseignanten oder op alle Fall net op eng Aart a Weis, déi deene Leit géif Satisfaktioun ginn. An ech muss och soen, wann ech an der Zeitung liesen, datt do Enseignanté 1.500 Euro verdéngen, fannen ech dat effektiv net grad immens, mä ech ka mer virstellen, datt d'Ma-

dame Schoulministesch eis do wäert kënnen méi Detailler driwwer ginn an och doriwwer, ob d'Regierung sech iwwerhaupt mat deem Problem wëllt befaassen, vu datt et jo eng Privatschoul ass, a wa jo, wéi se dat da méi genee wëllt maachen.

Voilà, Här President, dat gesot wëll ech den Accord vun eiser Fraktioun zu deem heite Projet bréngen.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Minister Brasseur.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Merci, Här President. Ech wollt just kuerz op dat agoen, wat d'Madame Wagener elo grad évoquéiert huet, well et handelt sech jo hei ëm e Bauprojet an do ass d'Madame Hennicot zoustänneg als Bauteminister. Ech sinn och frou, dass dee Projet den Accord op alle Banke fénn.

Wat d'Personal ubelaangt: Dat Personal ass ofhängeg vun engem Conseil d'administration, an dee Conseil d'administration huet vun en Donneschdeg op e Freideg en Accord fonnt mat alle Parteien, dat heescht mat den Enseignanten a mat den Elteren, sou dass dee Konflikt bäigeluecht ass an dass et net zu engem Streik komm ass, e Streik, deen d'Enseignanté wollten e Méindeg untrieden, dee se nun awer net ugetruede sinn, well do e Kompromëss fonnt ginn ass. Ech si ganz frou, dass de Conseil d'administration dat konnt erreechen, sou dass dee Problem schoulintern konnt bäigeluecht ginn.

Merci, Här President.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Bauteministesch, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech soen alle Riedner merci fir déi konstruktiv Interventiounen zu deem Projet. Ech si frou, wa mer hei eng Unanimitéit kréien.

Et ass eigentlech esou, datt eng minimal Interventioun fir de Lycée Vauban scho virgesi war am Joer 2000. Well een dann awer dem Wonsch vun de Bedreier vun der Schoul, fir d'Restauratioun och nach derbäi ze setzen, nokomm ass, huet dat eis iwwert dee Montant, fir dee mer e Projet de loi brauchen, gefouert. Fir des Schoul a würdeg Gebaier kënnen ze transplantéieren a fir aus der Rue Sax-deem Site, op deem se elo sinn - an aus deene Containeren erauszekommen, déi net méi grad ganz gutt ausgesinn, huet et dese Projet de loi gebraucht. Domat geet e Provisoire, dee 35 Joer laang gedauert huet, op en Enn.

Dat gesot, ass fir d'Interventioun bei Privatschoulen eng gesetzlech Klärung komm duerch de Projet, deen des Regierung abruecht huet, an deen definitiv der Regierung d'Méiglechkeet gëtt bei Privatschoulen ze intervenéieren.

Här President, ech muss do vläicht op déi subtil Differenz, déi den Här Scheuer a sengem Debattebeitrag gemaach huet, agoen, wann e seet, engersäits gëtt et Schoulen, déi Alternative sinn, an anerersäits gëtt et Privatschoulen, déi onnëtzweise bestinn. Wann ech dat richtig interpretéieren an ëmdréien, da géif ech jo unhuelen, datt den Här Scheuer géif fuerderen, datt d'Privatschoulgesetz, wat de Fonctionnement vun deene Privatschoule regelt, wat den Här Boden 1982 abruecht huet, wou mer och mat der DP an enger Koalitioun waren, misst ëmgeännert ginn, well ganz sécher géifen déi kathoulesch Privatschoulen net méi wéi

drop sprange fir och en alternative Modell ze presentéieren.

Mir hunn dat deemools net gemaach aus der Suerg ëm d'Unitéit vun der Lëtzebuurger Schoul. Wann do en Émdenke bei der LSAP komm ass, da wiere mer natierlech frou fir dat gewuer ze ginn, well ech denken, datt mer do och zu Konklusione kéimen.

Et ass net fir d'éischt, datt a Privatschoulen investéiert gëtt. De Minister Goebbels huet fir insgesamt 1 Milliard a Privatschoulen investéiert, wann een all seng grouss Projeten, International School, Geesseknäppchen an American School zesummerechent, mol net vun der Europaschoul geschwat. Mir maachen also hei Standuertpolitik, wéi zu Recht gesot ginn ass an der Debatt.

Et ass och esou, datt mer mat deem Projet vum Bauteministère hier kënnten Enn 2004 ufänken, well mir wiere prett mat eise Plangen, mä et ass nun awer emol esou, datt awer bei dem Plan pluriannuel eng Streckung komm ass vu verschidde Projeten. Wann d'finanziell Situatioun sech sollt fir dat nächst Budgetsjoer verbessern, da steet näischt am Wee, datt mer mat deem Projet och éischter ukomme kéinten.

Wat den Accès ugeet, deen hei opgeworf ginn ass, do ass virgesinn, datt fir d'Foussgänger e separaten Accès kënn, deen net mat den Autoen a Kontakt kënn, datt d'Schüler duerch een Haff eraginn an d'Schoul an domadden am Fong geholl déi Fro, déi den Här Henckes hei gestallt huet, beäwert ass. Et ass een Accès séparé fir Busse virgesinn a 46 Stationnementsplaze fir Enseignanten. Et ass evident, datt natierlech de Lampertsberg als Site, wou vill Schoule beienee sinn, wat d'Verkéiersproblematik ugeet, net konfliktfräi ass, an ech denken, datt mer do mat der Stad Lëtzebuerg, wat spéider Projeten ugeet, eng Kéier eng Revisioun misste vum jëtzege System maachen.

Wat dann d'Diskussioun ugeet, Restauratioun oder Neibau, do wëllt ech dozou bäiflécken, datt an deem Sënn déi heiten Aarbechten net déi vun enger eigentlecher Restauratioun am Sënn vum Denkmalschutz sinn. Dëst Gebai huet zwar e gewësse Cachet an ass och erhaltenswäert. Et ass a senger Struktur awer nach ze vill gutt fir ofgerappt ze ginn.

Leschtens Enns sollte mer eis bei deenen doten Iwwerleeungen d'Fro vum Bauschutt stellen, well wa mer ofrappen, da fällt Bauschutt un, an och déi Iwwerleeung spillt ganz sécher bei de Berechnungen vun der Administratioun vun de Bâtiments publics mat. Hei ass mer gesot ginn, datt d'Struktur vun deem Gebai gutt genuch ass, fir datt mer do, wou eng Schoul war, erëm eng Schoul kënnen dra setzen, an datt mer dofir och op de Wee gaange si fir déi bestehend Gebaier a Stand ze setzen.

Wat d'Diskussioun Energie a Cogénératioun ugeet, do sinn ech grad esou hartnäckeg wéi d'Madame Wagener, an ech bleiwe bei menger Ausso, datt d'Cogénératioun vläicht net déi allerleschten an allerneisten Technologie ass, wa se net iwwer ee grössere Raum erausgeet. Et ass net esou, datt de Bauteministère sech verschléisst, mä et ass esou, datt de Bauteministère sech wäert au courant halen, wat déi beschten an déi neisten Technologie sinn dee Moment wou déi Infrastrukturen ufalen. An da géif ech awer och ze bedenke ginn, datt leschten Enns d'Investitioun an d'Photovoltaique fir jidder-een e Gewënn ass, datt et dofir net nëmmen eng Pflichtübung ass, mä datt et jo awer och reell zu enger Energieproduktioun iwwert deen dote Wee féiert. Déi notzt schlussendlech jiddferengem, wa mer wëllen zesummestoe fir d'Kritäre vu Kyoto ze erfüllen.

Dat gesot, Här President, soen ech dem Rapporteur an der Kommissioun merci fir déi gutt a schnell Aarbecht. Ech soe weider all deene merci, déi dese Projet stëmmen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5207 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugehall.

Mir kommen zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 5207 ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux (par M. Jos Scheuer), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mer kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5209 iwwert d'Vergreisserung vun Lycée technique zu Esch. Et si schonn ageschriwwen: d'Madame Stein, d'Madame Mutsch, d'Häre Schummer, Greisen an Huss. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den hon-orabellen Här Fred Sunnen.

(Interruption)

3. 5209 - Projet de loi relatif à l'agrandissement et au réaménagement du Lycée technique de Lallange à Esch-sur-Alzette

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur.- Dee Projet, deen op Did-deleng kënn, ass eriwuer, Här Bodry, ech schwätzen elo vun deem Escher.

Här President, de Projet iwwert den Ausbau an den Aménagement vum Lallenger Lycée ass den 11. September 2003 vun der Madame Bauteministesch an deem Haus déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 23. September gemaach an de 16. Oktober huet d'Bautekommissioun de Rapport-